Ufro fir eng lëtzebuerger Identitéitskaart

Lëtzebuerger Staatsbierger kënnen eng Identitéitskaart ufroen op der Gemeng wou si ugemellt sinn oder am Centre des Technologies de l'Information de l'État (CTIE), 11, rue Notre-Dame, L-2240 Lëtzebuerg.

Heifir muss eng Taxe de Chancellerie bezuelt ginn vun:

14€ fir Awunner vu 15 Joer un (10 Joer valabel)
10€ fir Kanner vu 4 bis 14 Joer abegraff (5 Joer valabel)
5€ fir Kanner ënner 4 Joer (2 Joer valabel)

De respektive Montant ass virun der Demande ze iwwerweisen op de Kont:

Titulaire: TS-CE CTIE CARTES D'IDENTITES BP 1111 L-1011 Luxembourg

Nummer: CCPL LU44 1111 7028 7715 0000 Mentioun: Numm a Virnumm

De Beleeg vum Virement muss virgeluecht ginn bei der Ufro.

D'Foto gëtt op der Gemeng gemat, et muss also keng matbruecht ginn.

Fir Kanner ënner 12 Méint muss eng biometrësch Foto matbruecht ginn.

Ab dem Alter vun 6 Joer mussen d'Kanner ënnerschreiwen.

D'Identitéitskaart ass fir all lëtzebuerger Staatsbierger ab 15 Joer obligatoresch

Eng Ufro fir eng Identitéitskaart déi 10 Joer valabel ass kann fréistens 14 Deeg virum 15. Gebuertsdag gemaach ginn a kënnt mat der éischter Liwwerung (ëmmer Dënschdes) nom Gebuertsdag op der Gemeng un.

Den Délai fir d'Ausliwwerung läit bei 10 Deeg.

Mat der Procédure d'urgence kann d'Identitéitskaart no 3 Schaffdeeg um CTIE (11, rue Notre-Dame, L-2240 Lëtzebuerg) ofgeholl ginn. D'Taxe heifir ass 45€.

Bei Verloscht muss eng "Déclaration de perte/vol" bei der Police gemat ginn.

Bei all Wunnsëtzännerung och an der Gemeng muss eng nei Identitéitskaart gemat ginn.